KANNERGEMENGEROT 2009/2010

Bericht vun der 9. Versammlung vum 10. Juli 2010

Berichterstatterinnen: Bianca /Monique

Et ware präsent:

Schoul Butschebuerg: ***Bianca*** *Hort,* ***Julie*** *Mathias*
Schoul Brill: ***Fabienne*** *Thiry,* ***Tom*** *Gerend,* ***Rafael Junior*** *Da Silva Dias,* ***Kany*** *Toure*
Schoul Deich: ***Svenia*** *Gambini,* ***Yannick*** *Haas*
Schoul Gaffelt: ***Sidney*** *van Kaufenbergh,* ***Léo*** *Waldbillig Rebien*
Schoul Ribeschpont: ***Chiara*** *Orlando,* ***Camal*** *Tahireddine*
Schoul Strutzbierg: ***Loïc*** *Steffen*
Waldschoul : ***Gianni*** *Manzella,* ***Denis*** *Schintgen*

Et hate sech entschëllegt: Neil Klein
Et hate gefeelt: Leslie Furtado Pereira, Jana Polidori, Fabio Sepulveda Almeida,
Louis Wandivinit

Inviteeën: Alex Bodry, Daniel Biancalana

Moderatiounsteam: Jill Aniset, Josy Castellano, Monique Heinen

1. **Bericht vum Juni**

   De Bericht gouf virgelies an no enger klenger Ännerung ugeholl.

2. **Réckbléck Best of 2010**

   D'Moderatoren luewen d'Kanner aus dem Kannergemengerot, déi bal alleguer präsent waren a gudd gehollef hunn. An der décker Hëtzt ware genau 100 Kanner komm, déi meescht aus dem Brill (28), déi wéinest vu Butschebuerg (4). Vun den Aktivitéiten haten de Floumaart an d'Spiller leider kee grousse Succès. De Brill hat den Handball gewonn, d'Waldschoul de Fussball. D'Pokaler stinn an de Schoulen a bleiwen do bis zu engem nächsten Turnéier. De Neil Klein war de beschten am Fingerboard. Poker ass och gespillt ginn.
   Den Optrëtt vun TUYS war flott, mee leider huet de Sound aus der Anlag net propper geklong an de Gesang huet e net gutt héieren.

Iessen an Drénken war tiptop an d'Drénkwaasserbar war ganz gutt besicht.
D'Fotoen vum Schoulfest kommen op www.ecoles-dudelange.lu an op den Infokanal.

3. **Réckbléck Kannergemengerot 2009/2010**

De Kanner huet et gutt gefall a vill wëllen hir Kandidatur nach emol stellen.
Déi meescht fannen eng Versammlung am Mount genug. E Kand proposéiert fir d'Versammlung méi spéit am Mueren festzeleeën, en anert Kand schléit vir, se méi kuerz ze halen (maximum 1 Stonn).
De Buergermeeschter erklärt wéi de richtege Gemengerot funktionéiert. Hie freet ob déi nei Ministaden um Ribeschpont an um Deich gutt u kommen an ob Interesse besteet un engem Schoulgaart?
Hien erzielt vun engem Comic-Buch iwwert d'Geschicht vun Diddeleng, dat geschwënn eraus kënnt.
Den Här Biancalana wëll wëssen, ob d'Bréifkëschten an de Schoulen genotzt goufen. An der Gaffelt, am Brill an an der Waldschoul war dat de Fall.
Et gëtt eng Fro gestallt iwwert d'Klassefotoen an eng aner iwwert d'Kantinnsëmfro. Déi ass un de Responsablen vun de Kantinnen weidergereecht ginn. D'Julie bemierkt ganz zefridden, datt et dës Woch zu Butschebuerg e Buffet gouf.
D'Datumer vun de Versammlungen sollen am Virfeld op écoles-dudelange veröffentlecht ginn, sou datt déi Kanner déi elo an de Lycée ginn, weider kënne nolauschtere kommen.

Jiddereen ass domat averstan, de leschte Bericht ouni Ofstëmmung ze veröffentlechen.